
**DE NEIEN PROJETSOPRUFF FIR INNOVATIV BOTTOM-UP LÉISUNGEN START AM JULI!**

# PITCH EIS DENG IDDI



**fir eng nohalteg a staark Landwirtschaft!**

De Landwirtschaftsministère start am Juli en neie Bottom-Up Projetsopruff. Gesicht ginn innovativ Léisungen zu konkreten Erausfuerderungen aus der Praxis. Baueren, Wënzer, Imker a Produzenten aus dem Geméis- an Uebstbau kënnen sech zesumme matt engem Partner aus der Berodung, Fuerschung, oder der Léier matt hirer Projetsiddi mellen an e Finanzement fir eng Ëmsetzung um Betrib, oder Aktivitéiten am Zesummenhang matt der Entwécklung vun der Iddi, oder dem Wëssenstransfer ufroen. Zesumme mam IVV luet d' Kontaktstell Agri-Innovatioun op en éischt Netzwierktreffen op Réimech, bei deem' s du dech iwwert de Projetsopruff informéieren, de Potential vun denger Projetsidee bei engem „Pitch" testen a Projetspartner fanne kanns. Mell dech un a pitch eis deng Iddi!

## NETZWIERKTREFFEN

**MÉINDEN, 14 JULI 2025, 9:00 – 11:30, IVV, RÉIMECH**

**Umeldunge w.e.g. iwwert dëse Link.**

No der Umeldung schécke mir dir eng Virlag fir däi Pitch virzebereeden. Plang ca. 5 min. dofir an. De Pitch ass optional, du kanns och op d' Netzwierktreffen kommen, wann' s du nach keng konkret Iddi hues. En zweet Netzwierktreffen ass fir September am LTA zu Gilsdref virgesinn. Méi Informatioune kommen zäitno.

**Wat ass e Pitch?**

E Pitch ass eng kuerz Präsentatioun vun denger Iddi. An 3-5 Minutte geet et drëm des op de Punkt ze bréngen an all wesentlech Informatiounen ze kommunizéieren. E Pitch ass knackeg an informativ. Du wëlls domat däi Géigeniwwer fir deng Iddi gewannen.

**Wat pitchen ech?**

**WAT KONKRET** ass meng Innovatioun?
**FIR WEEN** ass meng Innovatioun? Weem notzt se?
**FIRWAT** ass d' Innovatioun wichteg? Wat wëll ech verännere/verbesseren?
**WEI** ginn ech fir? Wat brauch ech genee?

**Firwat soll ech meng Iddi pitchen?**

Mir wëlle wëssen a verstoe wat deng Iddi genau ausmëscht a wéi' s du se ëmsetze wëlls. Sou kënne mir dech beschtméiglechst ënnerstëtzen, Feedback ginn a vu vireran Onsécherheeten ausraumen.


Agri-Innovatioun
Tél.: (+352) 45 71 72-296 | E-mail: agri-innovatioun@ma.etat.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture